

MM. Gast Gibéryen, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen), Fernand Rau, Robert Mehlen (par M. Fernand Rau), Jean Geisbusch et Robert Garcia (par M. Jean Geisbusch).

Se sont abstenus : Mme Lydie Err et M. Jeannot Krecké.

M. Jean-Paul Rippinger.

MM. Nick Clesen et Jup Weber.

Est-ce que la Chambre accorde la dispense du second vote constitutionnel ?

(Assentiment)

Il en est ainsi décidé.

2. Projet de loi 3778 portant approbation de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République Fédérative Tchèque et Slovaque relatif aux transports par voie navigable et du Protocole de signature, signés à Luxembourg, le 30 décembre 1992

Nous procémons encore au vote électronique sur l'ensemble du projet de loi 3778.

Ceux qui sont en faveur du projet de loi 3778 voteront oui, les autres non ou abstention.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Le projet de loi 3778 est adopté à l'unanimité des 56 votants.

Ont voté oui : MM. Pierre Frieden, François Colling (par M. Pierre Frieden), Marcel Glesener, Mme Erna Hennicot-Schoepges, M. Ady Jung, Mmes Nelly Stein (par M. Ady Jung), Marcelle Lentz-Cornette, MM. Léon Bollendorff (par Mme Marcelle Lentz-Cornette), Nico Loes, Norbert Konter (par M. Nico Loes), Georges Margue, Ernest Petry, Willy Bourg (par M. Ernest Petry), René Putzeys, Nicolas Strotz, Fernand Kons (par M. Nicolas Strotz), Alphonse Theis, Camille Dimmer (par M. Alphonse Theis), Lucien Weiler et Edouard Juncker (par M. Lucien Weiler).

MM. Harry Ackermann, Jean Regenwetter (par M. Harry Ackermann), Robert Angel, Marc Zanussi (par M. Robert Angel), Jos Brebsom, Lucien Lux (par M. Jos Brebsom), Mars di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Mathias Greisch, Jean Asselborn (par M. Mathias Greisch), Jeannot Krecké, René Kollwelter (par M. Jeannot Krecké), Mmes Françoise Kuffer, Lydia Mutsch, MM. André Biver (par Mme Lydia Mutsch), Jos Scheuer, René Hengel (par M. Jos Scheuer) et Camille Weiler.

MM. Niki Bettendorf, Emile Krieps (par M. Niki Bettendorf), Emile Calmes, Charles Goerens (par M. Emile Calmes), Robert Gitzinger, Jean-Paul Rippinger, John Schummer, Carlo Meintz (par M. John Schummer), Josy Simon, Henri Grethen (par M. Josy Simon) et Théid Stendebach.

MM. Gast Gibéryen, Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen), Fernand Rau, Jean-Pierre Koepp (par M. Fernand Rau), Jean Geisbusch, Robert Garcia (par M. Jean Geisbusch), Nick Clesen et Jup Weber.

La Chambre accorde-t-elle la dispense du second vote constitutionnel ?

(Assentiment)

Il en est ainsi décidé.

3. Projet de loi 3820 portant approbation de la Convention portant révision de la Convention portant création d'un Institut Universitaire Européen, faite à Florence, le 18 juin 1992

Il nous reste à faire le vote électronique sur l'ensemble du projet de loi 3820.

Ceux qui sont en faveur de ce projet de loi voteront oui, les autres non ou abstention.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Le projet de loi 3820 est adopté à l'unanimité des 57 votants.

Ont voté oui : MM. Pierre Frieden, François Colling (par M. Pierre Frieden), Marcel Glesener, Mme Erna Hennicot-Schoepges, M. Ady Jung, Mmes Nelly Stein (par M. Ady Jung), Marcelle Lentz-Cornette, MM. Léon Bollendorff (par Mme Marcelle Lentz-Cornette), Nico Loes, Norbert Konter (par M. Nico Loes), Georges Margue, Ernest Petry, Willy Bourg (par M. Ernest Petry), René Putzeys, Nicolas Strotz, Fernand Kons (par M. Nicolas Strotz), Alphonse Theis, Camille Dimmer (par M. Alphonse Theis), Lucien Weiler et Edouard Juncker (par M. Lucien Weiler).

MM. Harry Ackermann, Jean Regenwetter (par M. Harry Ackermann), Robert Angel, Marc Zanussi (par M. Robert Angel), Jos Brebsom, Lucien Lux (par M. Jos Brebsom), Mars di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Mathias Greisch, Jean Asselborn (par M. Mathias Greisch), Jeannot Krecké, René Kollwelter (par M. Jeannot Krecké), Mmes Françoise Kuffer, Lydia Mutsch, MM. André Biver (par Mme Lydia Mutsch), Jos Scheuer, René Hengel (par M. Jos Scheuer) et Camille Weiler.

MM. Niki Bettendorf, Emile Krieps (par M. Niki Bettendorf), Emile Calmes, Charles Goerens (par M. Emile Calmes), Robert Gitzinger, Jean-Paul Rippinger, John Schummer, Carlo Meintz (par M. John Schummer), Josy Simon, Henri Grethen (par M. Josy Simon) et Théid Stendebach.

MM. Gast Gibéryen, Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen), Fernand Rau, Jean-Pierre Koepp (par M. Fernand Rau), Jean Geisbusch, Robert Garcia (par M. Jean Geisbusch), Nick Clesen et Jup Weber.

La Chambre accorde-t-elle la dispense du second vote constitutionnel ?

(Assentiment)

Il en est ainsi décidé.

Nous passons à la discussion de la proposition de loi présentée par Mme Lydie Err. La parole est à l'auteur de la proposition de loi, l'honorables Mme Lydie Err.

4. Proposition de loi 3873 instaurant le libre choix du nom patronymique des enfants

Mme Lydie Err (LSAP), auteur.- Mme Presidentin, dir Dammen an dir Hären. Et wir eigentlech méi interessant gewiescht déi Proposition hei géschter virzestellen, dat heescht, den 8. Mäerz, de Fraëndag, well duerch déi Proposition de loi iwwert den Numm vun de Kanner vu bestuete Leit fällt am Lëtzebuerger Droit déi leschten Diskriminatioun, déi legal besteet téschent Männer a Fraën.

Et geet hei nütz ëm den Numm a sech, well den Numm a sech as an engem Gesetz geregelt zénter iwwert engem

Joérhonnert, an engem Text dee seet, dass kee Bürger däert en aneren Numm an en anere Virnumm droë wéi déi, déi a séngem Acte de naissance stin.

Et gët natirflech dann e wéineg lächerlech wa mer kucke wat am Acte de naissance steet an da feststellen, dass do zwar den Numm, de Virnumm vun der Mamm a vum Papp stin, d'Plaz wou d'Kand gebuer as, séng dräi Virnimm, notamment sain Haaptvirnumm, den Numm vun der Giedel an eventuell nach den Numm vum Päter, mä eigentlech steet am Acte de naissance keen Numm vum Kand.

Et as awer esou, dass duerch d'Gebrauchsrecht deen Numm vum Kand, och wann én néierens festgehalen as, logescherweis émmer den Numm vum Papp as, well ugeholl gin as, dass deen als Chef de famille den Numm géing virugin, nüt némmer u séng Fra beim Mariage, wat d'gesellschaftliche Liewen ubelaangt, mä och un d'Kanner beim Datum vun hirer Gebuurt.

Et as vläicht interessant drop hinzuweisen, dass ét en aneren Text gët, dee seet, dass ét verbueden as en aneren Numm ze huele wéi deen, deen ee bei sénger Gebuurt kritt huet an dass jiddereen, dee probéiert engem en aneren Numm ze gi wéi sain Geburtsnumm, ka strofrechtech verfollegt gin. Eigentlech wir ét interessant ze probéieren esou eng Strofverfolgung emol virzehuele bei dene Beamten, déi automatesch beim Bestietnes vun enger Koppel d'Fra op hirer Sécurité sociale-Kaart zum Beispill automatesch, ouni dass s'ët freet an esouguer och géint hire Wëllen, den Numm vun hirem Mann op d'Kaart schreiwen, och da wa si eng ege berufflech Aktivitéit huet.

Dat as bis elo nach kengem an de Senn komm, esou wéi bis elo ménges Brachtens och nach nüt probéiert gin as e Kand vu bestueten Elteren énnert dem Numm vun der Mamm anzedroën, obschon ét eigentlech keen Text hei gët, deen dat géing verbidden.

Wann den Acte de naissance némmer obligatoresch Mentiounen huet wat den Numm an de Virnumm vun den Elteren ubelaangt a keng wat den Numm vum Kand ubelaangt, da wir ét duerchaus ze probéieren an eigentlech hätt ét och duerchaus missen ouni Gesetz méiglech sin, wat ech mat deem Gesetz hei wëll an der Praxis méi kloër erreechen.

Wa mer elo e bësse kucke wat ronderëm eis passéiert op deem selwechte Gebitt, da stelle mer fest, dass a Länner wéi Spuenien a Portugal, wou d'demokratesch Verhältnisser nach vill méi jonk si wéi bei eis, déi Méiglechkeet vum dueblen Numm besteet an dass et automatesch den Numm vun der Mamm as, dee virsteet, esou dass beim Mariage vu Kanner mat zwee dueblen Nimm een Numm ewechfällt, ét automatesch dee vum Papp as.

An Dänemark an an den nordeuropäische Länner gët ét och déi Méiglechkeet vum Choix.

Am Frankräich gët ét se nach nüt, mä och do läit eng Proposition de loi vir, déi einfach seet, dass deen Numm vum Kand, deen am Gebuurtsschäin ausgedréckt as, entweder dee vun der Mamm oder dee vum Papp as.

Den Zweck vun däer Proposition de loi as eigentlech dee selwechte wéi méng. Et as awer interessant festzestellen, dass d'Beweggrénn vun däer franséischer Proposition ganz anderer sin. Deen Députéierten, deen dat am Frankräich proposéiert huet, as interesséiert un der Wëssenschaft vun den Nimm am Frankräich an én huet festgestallt, dass duerch déi exklusiv Transmissiou vum Numm vun de Männer e ganze

Koup Nimm am Frankräich verschwannen, dass dat nüt gutt as u sech an dass dat och eng Ursach wir, niewent dem Egalitéitsprinzip, fir dat heiten anzeféieren.

An Däitschland huet déi Geschicht iwwert den Numm iwwert en Uerteel vum Verfassungsgeriicht vu Karlsruhe elo a kuurzer Zait eng Gesetzesänderung mat sech bruecht, déi nüt némmer e fräie Choix bréngt fir déi Leit, déi bestuet sin, hire Kanner den Numm vun der Mamm oder vum Papp ze gin, mä déi ét esouguer während dräi Joer méiglech mécht retroaktiv dene Fraen, déi mat hirem Mann hirem Numm agedroë sin, no hirem Bestietnes hire Mederchesnumm érem offiziell ze récupérerieren.

Eng Retroaktivitéit also wat de perséinlechen Numm ubelaangt, wat och an Däitschland eng juristesches Exception as, mä wat drop hiweist, dass émmer méi begraf gët, dass den Numm e wichtegen Attribut vun enger Persoun as.

Déi Propositioun, déi elo hei virläit, wëll ech ganz kuurz résuméieren.

Se steet éischtens dran, dass beim Mariage jidderee vun den zwee Leit, déi sech bestueden, sain egenen Numm behält. Et geet also nüt op de Wee fir e gemeinsame Familjennumm beim Bestietnes festzeelen an ech wëll lech och erkläre fir wat dat nüt esou as.

Et as erwisen, dass a leschter Zait émmer méi Fraen méi oft hiren Zivilstand ännernen, doduerch dass se bestuet gin, gescheet gin, Witfra gin a sech vläicht nach eng Kéiter bestueden an duerch de Fait, dass se am Familjennumm eventuell dem Numm vum Mann Präferenz gin hätten, géing dat mat sech bréngen, dass ét émmer méi komplizéiert gët fir Fraen am Laf vun hirer Liewengeschicht sech mat verschidde Stadien vun Etat civil éremzfannen.

Et as am uregenen Intérêt vu jidfer Bürger a partant och vu jidfer Bürgerin fir eng Continuitéit a séngem Numm ze hun, besonnesch och aus professionnelle Grénn, well stellt lech vir, eng Fra, déi eng Karriär ufankt énnert engem Numm, deen nüt hiren egene wir, déi gescheet gët vun deem Mann, vun deem se den Numm gedroën huet, déi domadder kënnnt obligéiert gin deen Numm érem ofzegin, am Fong énnert enger anerer Identitéit, jiddefalls no baussen, eng aner Karriär unzefánken, alles Désavantages, déi nüt noutwendeg sin. Dofir de Choix géint e gemeinsame Familjennumm beim Mariage, wat iwwregens genau denen Zoustann entsprécht, déi mir de Moment zu Létzburg hun, ausser dem Fait, dass automatesch am Sozialliewen, an de Modalitéite jiddefalls, normalerweis, wann d'Fraen nüt insistéieren, d'Fraen ugeriet gi mam Numm vun hirem Mann, och da wann se müssen hir Notärsakten an hir aner offiziell Akten énnert hirem richtegen, sougenannte Mederchesnumm énnerschreiwen.

Et as am Fong éreischt bei der Gebuurt vun engem Kand wou d'Entscheidung muss fale wat fir en Numm dass d'Kand kritt.

Ech hu mech entscheid an déser Propositioun géint d'Méiglechkeet vun engem dueblen Numm, well en dueblen Numm alles komplizéiert, besonnesch da wann zwee Kanner mat engem dueblen Numm sech érem géinge bestueden, wat forcément da mat sech bréngt, dass deen zweten Numm souwis érem géing verschwannen.

Och aner Legislatiounen aus eisen Nopeschlänner, déi esou Méiglechkeete virgesinn haten, si vun deem Choix do éremkomm, well ét d'Saache méi komplizéiert an a sech nüt méi bréngt.

Da stellt sech natürlech d'Fro, wann dat Kand némmen een Numm soll kréien, wat fir en Numm as dat? Logesch wir ét gewiescht fir ze soën, d'Kanner hate bis elo zu Lëtzeburg automatesch während iwwert 100 Joér den Numm vum Papp, also wir ét «ausgleichende Gerechtigkeit», wann elo géing automatesch den Numm vun der Mamm un d'Kanner weidergoën, natürlech némmen an däer Hypothees wou d'Elteren nét d'accord wiren.

Well ét awer hei nét némme geet ém eng Vergaangeneheitsbewältigung, mä ém eng Applikatioun vun engem Egalitätsprinzip, wollt ech am Fong all Preferenzen téschent denen zwou Méiglechketen ausschließen an eng Solutioun virschloën, déi wierklech nét um Egalitätsprinzip scheitert an déi Solutioun as an däer Hypothees hei wou en Désaccord as, d'Leit oder den Officier d'état civil soll entschieden duerch de Sort, wat fir en Numm, dee vun der Mamm oder vum Papp, dat Kand soll kréien.

Dat gët villersäits belächelt. Dat as a sech och nét onwichteg, well hei geet ét ém eng vu ville Méiglechketen. All déi Leit, déi do den Hoke gesinn, déi kënne jo d'Proposition maachen, dass automatesch soll den Numm vun der Fra kommen amplaz déi zweet Méiglechkeet virzegessinn.

Wann ét déi nét orthodox Manéier as, sech fir en Numm ze entschieden, déi d'Leit stéiert, gët ét vill aner Méiglechketen, déi am Laf vun der Procédure législative kënne virgeschloë gin an anesches décidéiert gin.

Déi Proposition, déi ech hei maachen, huet jiddefalls den Avantage, dass se absolut onpartial as. Si huet allerdéngs een Désavantage an dat as deen, dass ét normalerweis de Mann oder de Papp as, deen d'Kand umelle geet an ét muss natürlech - an dat geet och aus dem Exposé des motifs eraus - an Zukunft esou sin, wann dat heite Gesetz eng Kéier an denen nächsten honnert Joér a Kraaft getrueden as, dass den Officier d'état civil sech muss vergewisseren, dass dee Familjennumm, dee fir d'Kand deklaréiert gët, effektiv och deen as, mat deem d'Mamm vun deem Kand d'accord as.

Vü dass d'Mamm normalerweis an däer Zäit wou d'Kand muss ugemellt gin nach an der Maternité läit, muss natürlech entweder da schrifftlech eppes virleien oder ét muss den Délai verlängert gin, esou dass der Mamm ét méiglech gemaach gët mat op den Etat civil ze goë fir dat hei ze deklaréieren.

Mme la Présidente.- M. Rippinger voudrait vous poser une question, Mme Err. Vous permettez?

Mme Lydie Err (LSAP), auteur.- Je suis d'accord à condition que le temps ne soit pas imputé, sinon je suis prête à lui répondre après avoir épousé mon temps de parole.

Ech sin nét d'accord, Här Rippinger. Ech hun némmen 10 Minuten an ech hun nach vill Saachen ze soën.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Ech hun d'Impression, Dir hut dee selwechte Syndrom wéi den Här Goebbel!

Mme Lydie Err (LSAP), auteur.- Dat as Ärer Appréciatioun iwwerlooss. Do kënnt Dir jhust denke wat Der wéllt. Ech fuere jiddefalls elo viru mat ménge Gedankegang, deen ech wollt heirunner drun hänken.

Ech wéll absolut an désem Zesummenhang hiweisen op d'Gesetzgebung iwwert d'Listes électorales, iwwert d'Aschreiwung vun de Fraen an de Wielerlëschten. Ech si frou, dass den Innenminister hei sëtz, fir d'Analys vun dëser Matière matzkréien.

Wéi par hasard sin all Kéiers da wann dee Punkt um Ordre du jour steet Schwierigkeiten, entweder fir den Ordre

du jour fäerdege ze maachen, oder mir hun esou héije Besuch, dass d'Kommissiouen muss ausfalen, wéi dat zum Beispill haut de Fall war.

Et déngt een also och näisch, dass een als Rapporteur fir d'Commission juridique en Avis vun 10 Säite schreift, selwer dofir suergt, dass deen Avis als Ordre du jour complémentaire op déi nächstméiglech Sëtzung kënnt, wann duerno d'Sëtzungen ausfalen an ouni dass een insistéiert érëm nét drop kënnt.

Ech wéll jhust folgendes soën: dass et an deem Zesummenhang mam Numm ganz wichteg as, fir egal wat och émmer vun Diskussiouen, déi sougenannten Akzeptanz vum Vollek soll mat a Considératioun kommen, erauskënnt, dass muss assuréiert sin, dass de Prinzip némmen dee ka sin, dass d'Fraen och an de Wielerlëschten, conformément zu eiser Gesetzgebung, mat hirem richtegen Numm agedroë gin an nét mat engem deen se geléint hu fir eng Zait, déi hei an eng ganz kuurz Zäit as.

Et kann an ét däerf némmen esou sin, dass déi Fraen, déi léiwer énnert engem anere séngem Numm do agedroë sin, müssen d'Démarche maachen an nét émgedréint. An ét kann nét esou sin, dass Lëtzeburg nach Jore versträiche léisst, nach waart bis déi nächst Walen eriwwer sin, fir dat ze maache wat schon e puer Joér laang um Wee as a wat viru 5 Joér ausgesat gin as, well deemools Walen an d'Haus stongen an ét deementsprielend schwéier war sech iwwert d'Iwwergangsbestëmmungen eens ze maachen.

Et as onméiglech fir nach ofzewaarden, dat neit Gesetz no denen nächste Walen ze maachen an ech géif och den Innenminister drun erënneren, dass Lëtzeburg énnert anerem verschidden Instrumenter énnerschriwwen huet, wou ét sech engagéiert huet alles ze maache fir Diskriminatiounen an Illegalitéiten, och prezis par rapport zum Numm, ofzeschafen an dass ét Lëtzeburg géif gutt zu Gesiicht stoën, séng international Engagemerter ze respektéieren.

Dat hei as ee vun dene Punkte wou 51% vun de Wieler op de Courage vun dene grousse Parteië waarde fir endlech ze reagéieren.

Ech soën Iech merci.

Wa mer elo nach Zäit hun, Mme Presidentin, sin ech gäere bereet dem Här Rippinger séng Froen eventuell ze beäntwerfen.

Mme la Présidente.- M. Rippinger a la parole.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Mme Presidentin, ech wollt d'autrice vun der Proposition de loi froen ob ech se richteg verstanen hun, dass wann zwee verschidde Leit zwee Kanner hätten, jidfer Kand kënnt en aneren Numm hun. Dat heesch, dat éischt Kand kënnt zum Beispill de Familjennumm vun der Mamm hun an dat zweet kënnt de Familjennumm vum Papp hun? As dat richteg esou? Hun ech déi Proposition de loi an deem Senn richteg verstanen?

Mme Lydie Err (LSAP), auteur.- Dir hut se nét némmen nét richteg verstanen, mä Dir hut se och nét ganz gelies, Här Rippinger, well ét steet nämlech dran, dass all Kanner vun dene selwechten Elteren dee selwechten Numm kréien an dass ét onvirstellbar ka sin, dass ee Kand en aneren Numm kritt oder dass ee Kand sech géif am Laf vu sénger Minoritéit oder esouguer duerno décidiéieren, wélle sain Numm ze ännernen.

Et muss eng Stabilitéit gin, ét muss eng Unicitéit gin téschent de Kanner aus deem selwechte Mariage an dosir

och, getrei zu dene Prinzipiën, déi Onméiglechkeet fir Kanner fir en aneren Numm ze hu wéi d'Geschwëster oder fir deen Numm ze ännernen am Laf vun hirem Liewen.

5. Accueil de M. Philippe Séguin, Président de l'Assemblée Nationale française, accompagné d'une délégation parlementaire

Mme la Présidente.- Chers collègues, je vous propose d'interrompre nos travaux ici pour accueillir dans notre enceinte M. Philippe Séguin, Président de l'Assemblée Nationale française.

M. le Président, permettez-moi de vous dire combien votre visite nous honore et nous flatte. Vous êtes le premier Président de l'Assemblée Nationale française à nous rendre visite, et, au nom de nous tous, je vous souhaite une cordiale bienvenue.

Dans de multiples domaines, la France, conforme à sa vocation universelle, a instruit et guidé mon pays : le droit, la culture, l'éducation, la langue et les lettres. Les liens historiques qui depuis toujours unissent nos deux nations nous ont fait traverser maintes épreuves ensemble et fait vivre des moments intenses - pas toujours dépourvus de tensions - mais qui ont scellé définitivement une amitié que nos relations diplomatiques, politiques, parlementaires, économiques ou tout simplement humaines ne sont venues que renforcer.

Nous saluons en vous, Monsieur le Président, l'homme politique ayant le courage de ses convictions, mais aussi l'écrivain passionné d'histoire. Dès votre arrivée sur le perchoir, vous vous êtes efforcé à rendre à l'institution parlementaire sa crédibilité et sa dignité.

Vos réflexions sur l'Europe du futur rappellent sans cesse la grande idée de Robert Schuman, qui nous est si proche, et votre appréciation du Traité de Maastricht, souvent mal interprétée, d'ailleurs, relève le défi à l'égard de ceux qui hésitent à s'ouvrir à cette nouvelle situation après la chute du mur de Berlin et de l'effondrement du bloc soviétique.

Vos paroles sont dures à l'égard de ceux qui hésitent. Pourquoi transformer et dégrader l'idée d'Europe en une association de pays riches, demandez-vous. Et je continue de vous citer :

• Fermer la porte est une erreur pour une seconde raison encore, d'ailleurs élémentaire : une famille nombreuse et rassemblée est beaucoup plus puissante, créatrice, confiante dans l'avenir, qu'une famille réduite, frileusement repliée sur ses réserves de change, et qui vieillit à vive allure en gardant un œil sur les cours de la bourse, l'autre sur son compte en banque. Construire la petite Europe autour des petits sous, c'est rabougrir par deux fois la grande idée !

Votre vision est celle de la générosité, de la solidarité à l'égard de ceux qui risquent l'exclusion à cause de leur situation sociale et de l'engrenage où le chômage entraîne des familles et des régions entières.

Enfin, vous avez dit haut et fort que nous ne pouvons avancer sans tenir compte du rôle que jouent les parlements nationaux. Votre visite, trop brève hélas, nous a rappelé que les parlements jouent en effet un rôle non négligeable, mais souvent méconnu, et que des visites comme celle dont vous nous honorez aujourd'hui nous donnent l'occasion de le confirmer et d'approfondir les questions qui nous amènent à réagir ensemble, à l'unisson, en face des conflits et problèmes à résoudre.

Soyez donc le bienvenu, Monsieur le Président, et sachez que la France reste très près de notre cœur.

(Applaudissements)

6. Proposition de loi 3873 de Mme Lydie Err instaurant le libre choix du nom patronymique des enfants (suite)

La parole est au premier orateur inscrit, l'honorable M. Lucien Weiler.

Discussion

M. Lucien Weiler (CSV)- Mme Presidentin, dir Dammen an dir Hären. D'Mme Err, déi hir Proposition de loi developpéiert huet, huet à juste titre déi heite Propositoun an Zesummenhang gestallt mat der Propositoun, déi d'Mme Brasseur deposéiert huet iwwer d'Inskriptioun op d'Wielerlëschten.

Bei denen zwou Propositounen as de Souci vun den Auteuren, fir eng Diskriminatioun aus der Welt ze schafen an deem Senn, wou Männer a Frae solle gläich Rechter hun, an nüt èmmer nees d'Dominanz vum Mann ervirgestrach soll gin.

Mir als Fraktioun hun, wat dës Proposition de loi ubelaangt, manner strong Feelingen wéi mat där vun der Mme Brasseur an deem Senn, wou dës Propositoun all Méiglechketen opléisst.

Wa mir géifen d'Propositoun vun der Mme Err unhuelen, da wär et esou, dass déi zwee Elteren, dat heescht Mann a Fra, sech géingen eens maachen au moment vun der Gebuert vum Kand, wann et ugemellt gët op der Gemeng, wéi een Numm datt et kritt.

Mme Err, ech muss lech soen, d'CSV-Fraktioun as der Menung, souguer wa mir dee Projet stëmmen, dass deen eng Inzidenz kritt déi quasi zéro as, well mir iwwerzeegt sin, datt 99% vun de Lëtzebuerg sech weiderhin, esou wéi d'Traditioun zënter honnert Jor an deem Land hei as, an Zukunft wäärten décidéiere fir den Numm vum Papp, vum Mann. Dat as an eisen Traditiounen verwuerzelt. Déi Traditioun wäärte mir och duerch dës Propositoun nüt briechen.

Et geet hei èm een absolut onwesentlechen Deel vu Leit, a mir hun ons d'Fro gestallt, ob een dene Leit, déi aus denen Traditiounen wëllen ausbriechen an déi eng aner Solutionen wëlle wielen, nüt soll d'Méiglechkeet gin, d'Fräiheit gin, fir ze décidéiere wéi se wëllen.

Wann ech soen, mir hun nüt vill strong Feelingen, dann as et well mir iwwerzeegt sin, wéi och bei der Propositoun vun der Mme Brasseur, wat d'Inskriptioun op d'Wielerlëschten ubelaangt...

(Interruption)

Mir hun eis gewiert, well mir nüt wëllen, dass déi Fraen, déi elo während Joren a Jorzéngten ènnert dem Numm vun hirem Mann op de Wielerlëschte stongen, elo misste vun engem Dag op deen aneren an d'Wielerlëschten ageschriwwen gin ènnert hirem Mederchersnumm, an och well 98% vun de Fraen dat nüt wëllen.

Wann an deem Land hei e puer Damme sin, déi mengen, datt si aus irgendwelleche Grënn do aner Feelingen hun, da geet et awer nüt un, datt mir der ekrasanter Majoritéit vun de Fraen am Land eppes zumudden, wat se absolut nüt wëllen.